N°4211
Entrée le 01.07.2026
Chambre des Députés

D'REGIERUNG
VUM GROUSSHERZOGTUM LËTZEBUERG
Ministère fir auswäerteg an europäesch
Ugeleeënheeten, Verdeedegung,
Entwécklungszesummenaarbecht an Aussenhandel

# Äntwert vum Minister fir auswäerteg Ugeleeënheeten an Aussenhandel, den Här Xavier Bettel, op d'parlamentaresch Fro n°4211 vum éierbaren Deputéierten Här Fred Keup

**1. Iwwer wéi ee Wee a wéini huet déi ukrainesch Regierung d'Iwwerféierung ugefrot a wien huet op Lëtzebuerger Säit den Accord ginn?**
**2. Wéi bewäert d'Regierung d'Staatstrauer an d'Éierung vun enger Persoun an der Ukrain, déi an der Geschichtswëssenschaft kloer als Nazi-Kollaborateur a Leader vun enger Beweegung mat nationalsozialisteschen an antisemiteschen Zich identifizéiert gëtt?**
**3. De Lëtzebuerger Botschafter zu Moskau gouf den 28. Mee 2026 an de russeschen Ausseministère bestallt. Wat krut den Ambassadeur do gesot a wat huet d'Lëtzebuerger Regierung dorop geäntwert?**

D'ukrainesch Autoritéiten hunn sech am Februar 2026 iwwert den diplomatesche Wee renseignéiert, wat d'Prozedur wier fir d'Exhuméierung vum Andriy Melnyk a senger Fra an d'Weeër ze leeden. De Ministère fir auswäerteg an europäesch Ugeleeënheeten, Verdeedegung, Entwécklungszesummenaarbecht an Aussenhandel huet d'ukrainesch Autoritéiten un déi zoustänneg Lëtzebuerger Autoritéiten verwisen, nämlech d'Stad Lëtzebuerg an de Ministère fir Gesondheet a sozial Sécherheet. Déi zwou Instanzen hunn doropshin d'Exhuméierung accordéiert, am Aklang mat den technesche Bestëmmungen.

De russesche Ministère fir auswäerteg Ugeleeënheeten huet de lëtzebuergeschen Ambassadeur zu Moskau aberuff fir hir Onzefriddenheet iwwert dësen Transfert auszedrécken. Esou eng Convocatioun ass an der diplomatescher Praxis etabléiert, a verlaangt net automatesch eng Reaktioun vun der Regierung. Bei där Entrevue huet den Ambassadeur drop verwisen, dass deen Transfert, op Lëtzebuerger Säit, keng politesch, mee just eng administrativ Entscheedung gebraucht huet.

Lëtzebuerg, den 1. Juli 2026
Minister fir auswäerteg
Ugeleeënheeten an Aussenhandel
(s.) Xavier Bettel